N°7994
Entrée le 17.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Fir ee B100 Führerschäi muss ee scho mindestens 2 Joer laang säin Führerschäin an der B Kategorie besetzen a 7 Formatiounsstonne maachen ouni Examen. Mat dem B100 dierf een allerdéngs nëmmen zu Lëtzebuerg fueren. Dofir brauch een dann een A1 Führerschäin.

Am Artikel vum Lëtzebuerger Wort "125 Kubik: Mit B-Führerschein nur innerhalb der Grenzen" vum September 2020 erkläert de Minister, dass d'Belsch a Frankräich mat eis bei der EU-Kommissioun gefrot haten fir eng gemeinsam Unerkennung. Weider heescht et am Artikel:

> *"Allerdings würde die Europäische Kommission derzeit die Ergebnisse der entsprechenden EU-Richtlinie von 2006 überprüfen. Im Rahmen dieser Diskussionen würde Luxemburg fordern, eine mögliche Anerkennung der Führerschein-Regelung auf grenzüberschreitender Ebene in den neuen Text einfließen zu lassen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'EU Kommissioun seng Evaluatioun vun der Richtlinn vun 2006 ofgeschloss? Wa jo, wat sinn d'Resultater?

2. Kann de Minister eis informéiere wéini déi nächst EU-Führerscheinrichtlinne wäerten op Niveau vun der Kommissioun diskutéiert ginn? Falls et heivir keen Datum gëtt, wäert de Minister dëst Thema nach eng Kéier op EU Niveau opbréngen?

3. Denkt de Minister, dass hei eng Kooperatioun tëscht eis an 2 vun eisen Nopeschlänner méiglech ass? Wa jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten